Eent brengt Buchent, anert Eechent,
anert brengt emol keng Wed;
d'Wis am Dall aß ousgezeechent,
d'Birg derbei dro Ginst an Hed.

Solls de brooche vir dem Wanter
oder besser d'Oußenzäit:
Huol d'Erfahronk dir als Lanter,
wo' dir d'Saach am Donkel läit!

Liichte Buodem, dee wellt bleiwen
durch de Wanter an der Rascht;
ma dee schwe're, feste, steiwen,
mecht een affe gär dem Frascht.

Naße Buodem he'ch op Recker!
'T mecht de Planze fro'he Mutt;
völleg Fure queesch durch d'Stecker
dunn de Somen emmer gutt.

Dre't eng Wis hei Bock a Jenken,
do dönn Hällem op dem Hiwel:
Hellef op mat He'ge, Senken,
mat Dräne'ren[1] du dem Iwel!

## VI.

### *D'Behandlong vum Buodem.*

Wi dir nu de Mond och wässert
no der allersche'nster Fruucht:
Gutt bearbecht, wuohl gebessert,
dann dät d'Feld dir all seng Duucht.

Looß du dack den Hunn et he'ren,
deen om Meschthaf ho'freg kre'ht!
Soß aß Ple'en an Dräne'ren
emmer dach op näischt gedre'ht.